adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

N°4060

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09. Abrëll 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister an un d'Madamm Minister fir Famill an Integratioun weiderzeleeden.

Eng Rei vu Ministèren an Administratiounen hu Relatioune mat der ASTI (Association de Soutien aux Travailleurs Immigrés), wou vun verschiddener och méi en offizielle Charakter hunn, z.B. duerch Agrémenten, Konventiounen oder aner vertraglech Obligatioune. Et wär dowéinst interessant en allgemengen a kompletten Iwwerbléck iwwert déi finanziell Relatiounen tëschent dem Staat an der ASTI ze kréien.

Dowéinst wéilt ech der Regierung dës Froe stellen:

1. Wéi eng finanziell Ënnerstëtzungen (an egal wéi enger Form) oder aner geldwäert Virdeeler oder Leeschtungen kritt d'ASTI am Budgetsjoer 2021 vum Lëtzebuerger Staat (inklusiv duerch Fräistellung vu Personal, Zur-Verfüge-Stelle vu Gebaier a Gefierer, aner Zerwisser)? Wéi eng legal Grondlage gëtt et fir dës Leeschtungen am Eenzelen a wéi si se motivéiert? Wéi eng Ministèren, Administratiounen oder Zerwisser si staatlechersäits betraff?
2. Wéi hu sech déi verschidde staatlech Zouwennungen a Leeschtungen (an egal wéi enger Form) un d'ASTI vun 2012 bis 2021 entwéckelt? Kann d'Regierung dat pro Budgetsjoer opschlësselen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Famill an Integratioun, dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, dem Minister fir Arbecht a Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft an dem Minister fir Entwécklungszesummenarbecht an humanitär Ugeleeënheeten op d'parlamentaresch Fro n°4060 vum Deputéierte Fernand Kartheiser iwwer déi finanziell Relatiounen teschent dem Staat an der ASTI.**

D'Association de Soutien aux Travailleurs Immigrés a.s.b.l. (ASTI) huet Relatiounen mat 4 Ministère :

- dem Ministère fir Famill, Integratioun an d'Groussregioun;
- dem Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend;
- dem Ministère fir Arbecht a Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft;
- der Direktioun fir Entwécklungszesummenarbecht an humanitär Ugeleeënheeten vum Aussen- an Europaministère

- **<u>Ministère fir Famill, Integratioun an d'Groussregioun</u>**

De Ministère fir Famill, Integratioun an d'Groussregioun (MIFA) schafft haaptsächlech an zwee Beräicher mat der ASTI zesummen:

- Am Kader vun 2 verschiddene Konventioune collaboréieren de MIFA an d'ASTi am Beräich vun der Integratioun
- Am Kader vun 1 Konventioun collaboréieren de MIFA an d'ASTi am Beräich vum Travail social communautaire.

Den Departement Integratioun huet eng Konventioun mat der ASTI, mat dësen Domainer:

1. dem Guichet Info-Migrants, dem et all Persoun erlaabt Informatiounen zum Immigratiounsgesetz an och zu Integratiounsfroen ze kréien;
2. der „traduction orale directe", déi et erlaabt Matbierger déi déi Lëtzebuerger Sprooch net beherrschen un Informatiounsreuniounen an aneren Evenementer deelzehuelen.
3. der Begleedung vun de Gemengen, duerch, ënnert Anerem, enger Berodung vu Gemengen, der Organisatioun vum GRESIL an dem Internetsite integratioun.lu.

Fir d'Integratioun um lokalen Niveau besser ze fërderen, eng vun de Prioritéiten am Beräich Integratiounspolitik, an d'Gemenge besser z'ënnerstëtzen, gëtt et 2021 och eng spezifesch Konventioun fir ee Posten Integratiounsconseiller, den d'Gemenge beréit an hëlleft Projeten an der Gemeng ze maachen.

Dës Konventioune ginn all Joer negociéiert a, falls néideg, adaptéiert. Sie foussen um Integratiounsgesetz (*loi modifiée du 16 décembre 2008 concernant l'intégration des étrangers au Grand-Duché de Luxembourg*).

Déi drëtt Konventioun déi de MIFA mat der ASTI huet ass am Beräich vum Travail social communautaire. Duerch dës Konventioun ënnerstëtzt de Ministère d'ASTI an der Organisatioun vun Aktivitéiten an de nërdleche Quartiere vun der Stad Lëtzebuerg mam Zil, déi sozial Kohesioun an Inclusioun an de Quartieren ze fërderen. Dës Konventioun fousst um ASFT Gesetz (*loi modifiée du*

*8 septembre 1998 réglant les relations entre l'Etat et les organismes oeuvrant dans les domaines social, familial et thérapeutique*)

Fir déi 3 Konventiounen sinn teschent 2012 a 2021 folgend Montanten ausbezuelt ginn :

- 2 Konventiounen am Beräich vun der Integratioun: 4 515 852,71€.
- 1 Konventioun am Beräich Travail social communautaire: 510 230.09€

Nieft deenen 3 Konventiounen huet den Ministère fir Famill, Integratioun an d'Groussregioun d'ASTI och nach an folgenden Aktivitéiten finanziell ënnerstëtzt:

- 3 Projeten am Kader vum europäesche Programme Asile, Migration et Intégration (AMIF) an 8 Projeten am Kader vum nationale Plan d'action national Intégration (PAN) fir en Gesamtmontant vun 648 249,23 €.
- 7 Subside fir spezifesch Projete fir e Gesamtmontant vun 61 875,77€.
- Iwwersetzungskäschte vun Evenementer organiséiert vum MIFA fir e Gesamtmontant vun 20 089,84€.
- 1 Accord de collaboration fir den Foyer DPI vu Miersch an de Joren 2014 bis 2016 fir e Gesamtmontant vun 192 039€.
- Jugendhaus Amigo & Kannernascht an de Joren 2012-2013 fir e Gesamtmontant vun 1 270 681.73

Hei drënner d'Opschlësselung op d'Joren 2012 bis 2021:

| Joer | Montant |
|---|---|
| 2012 | 1 229 860.64€ |
| 2013 | 1 019 412.54€ |
| 2014 | 406 593.27€ |
| 2015 | 492 455.68€ |
| 2016 | 659 152.54€ |
| 2017 | 646 726.92€ |
| 2018 | 667 301.87€ |
| 2019 | 747 908.48€ |
| 2020 | 711 278.55€ |
| 2021 | 638 327.88€ |
| | |
| **TOTAL** | **7 219 018.37€** |

- **<u>Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend</u>**

Den Educatiounsministère (MENJE) schafft haaptsächlech an zwee Beräicher mat der ASTI zesummen:

1. Am Kader vun enger Konventioun kollaboréieren ASTI a MENJE bei der Promotioun vun der Interkulturalitéit an eise Schoulen duerch de gemeinsamen "Zentrum fir interkulturell Bildung ikl".
2. Am Respekt vun de gängege legale Bestëmmungen ass d'ASTI ee Prestataire deen fir de Service de la Formation des adultes intervenéiert. Et geet alles no deene selweschte Reegelen wéi jidder Anbieter vun der Aussschreiweung bis zu den Ofrechnungen.

<u>Ad Konventioun ikl</u>

Fir de Zäitraum vun 2011 bis 2021 besteet eng Konventioun tëschent dem Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend an der ASTI betreffend d'Fonctionnement vum Zentrum fir interkulturell Bildung (ikl).

D'Haaptmissioun vum ikl ass et d'Zesummeliewen, de géigesäitege Respekt an d'Interkulturalitéit an de Lëtzebuerger Schoulen ze promovéieren. Deemno proposéiere si pädagogesch Projeten, Atelieren a Formatiounen an de Grondschoulen a Lycéeën am ganze Land. (Bis 2020 louch de Schwéierpunkt bei de Schoulen vun der Stad Lëtzebuerg.) Doriwwer eraus kënnen dës Aktivitéiten och vun allen Acteuren aus dem edukative Secteur ugefrot ginn.

D'Konventioun definéiert d'Engagementer vun deenen zwou Parteien betreffend den ikl, déi vu Säite vum Staat aus ënnerschiddleche Volete bestinn: d'Ëmsetzung vun de Missioune vum ikl suivéieren, Personal fräistellen an e jäerleche Budget zur Verfügung stellen fir d'Fonctionnementsfraisen ze decken.

Den Tableau hei drënner weist d'Evolutioun vum Personal a vum Budget vun 2011 bis 2021:

| Joren | 2011 | 2012 | 2013 | 2014 | 2015 | 2016 | 2017 | 2018 | 2019 | 2020 | 2021 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Budget | 8.218,71 € | 8.500 € | 8.500 € | 8.500 € | 8.500 € | 8.500 € | 8.500 € | 8.500 € | 8.500 € | 11.500 € | 115.000 € |
| Personal | 4 | 4 | 4 | 4 | 4 | 4 | 4 | 4 | 4 | 2 | 3,75 |

Am September 2020, ass Personal, dat a Pensioun gaange ass, iwwer eng Fräistellung vu 1,75 ersat ginn.

Am Kader vun enger Erneierung vun der Konventioun Enn 2020 gouf festgehalen, datt de Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend ab dem Joer 2021 kee neit Personal méi fräistellt, mä an deem Fall d'Personalkäschten iwwerhëlt. De Budget vum Joer 2021 deckt deemno d'Fonctionnementsfraisen vum ikl an och d'Personalkäschte vun engem Mataarbechter.

<u>Ad Erwuessenebildung</u>

D'ASTI ass en konventionéierten Prestataire vun Sproochecoursen am Kader vun der Erwuessenebildung esou wei eng ganz Réi aner Associatiounen. An deem Kader kritt d'ASTI eng Subventioun fir déi Coursen déi sech aktuell folgendermoossen zesummesetzt:

Fir en **normalen Sproochecours** fält eng Basissubventioun vun 15€/Stonn un. Zousätzlech kann d'ASTI en droit d'inscription vun 3€/Stonn vun den Leit froen. Falls d'Leit e Recht op en Tarif réduit hunn (10€/Cours), dann kritt d'ASTI den Defizit par rapport zum normalen Tarif vum Service de la Formation des adultes kompenséiert.

Fir en **Alphabetiséierungscours** fält eng Basissubventioun duerch de Staat vun 55€/Stonn un. Déi musse gratis ugebueden ginn, dat heescht d'ASTI huet hei keng zousätzlech Recetten.A béiden Fäll geet den Montant plus ou moins duer, fir den Formateur ze bezuelen. Fir all aner Fraisen am Kader vun der Organisatioun vun den Coursen, muss d'ASTI selwer opkommen.

D'Variatioun vun den Montanten weist, datt d'ASTI staark op d'Demande un Sproochecoursen am Kader vun der Flüchtlingswell reagéiert huet an massiv Coursen organiséiert huet.

Hei den Tableau mat den Montanten, déi zanter 2011/2012 am Kader vun der Erwuessenebildung un d'ASTI iwwerwisen gi sinn:

| | | | |
|---|---|---|---|
| **ASTI 2011/2012** | | | |
| 1ère avance | 2e avance | solde | |
| 6 000,00 € | | 3 334,00 € | **9 334,00 €** |
| **ASTI 2012/2013** | | | |
| 1ère avance | 2e avance | solde | |
| 3 648,75 € | | 5 157,25 € | **8 806,00 €** |
| **ASTI 2013/2014** | | | |
| 1ère avance | 2e avance | solde | |
| 3 060,00 € | | 4 690,00 € | **7 750,00 €** |
| **ASTI 2014/2015** | | | |
| 1ère avance | 2e avance | solde | |
| 2 000,00 € | | 4 800,00 € | **6 800,00 €** |
| **ASTI 2015/2016** | | | |
| 1ère avance | 2e avance | solde | |
| 3 500,00 € | 7 094,00 € | 5 860,00 € | **16 454,00 €** |
| **ASTI 2016/2017** | | | |
| 1ère avance | 2e avance | solde | |
| 4 000,00 € | 24 510,00 € | 57 571,00 € | **86 081,00 €** |
| **ASTI 2017/2018** | | | |
| 1ère avance | 2e avance | solde | |
| 20 000,00 € | 43 188,00 € | 49 008,00 € | **112 196,00 €** |
| **ASTI 2018/2019** | | | |
| 1ère avance | 2e avance | solde | |
| 23 000,00 € | | 117 928,00 € | **140 928,00 €** |
| **ASTI 2019/2020** | | | |
| 1ère avance | 2e avance | solde | |
| 20 000,00 € | 48 728,00 € | 13 475,00 € | **82 203,00 €** |
| **ASTI 2020/2021** | | | |
| 1ère avance | 2e avance | | |
| 17 000,00 € | 37 767,00 € | | **54 767,00 €** |
| **TOTAL:** | | | **525 319,00 €** |

- **Ministère fir Arbecht a Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft**

De Ministère fir Arbecht a Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft partizipéiert um Finanzement vun engem **Projet FSE „CONNECTIONS4WORK“**.

**Dauer:** 01/01/2019-30/06/2021

**Legal Grondlag :**

• Décision de la Commission européenne C(2014)9912 final du 12 décembre 2014 portant adoption du programme opérationnel d'intervention communautaire du Fonds social européen au titre de l'objectif «Investissement pour la croissance et l'emploi» au Grand-Duché de Luxembourg

• Décision du Comité de sélection FSE du 17/10/2018

**Budget** : 574.900,00 € TTC

• 50% à charge du FSE : 287.450,00 € => paiements assurés par le MTEESS (budget pour ordre – FSE)

• 50% à charge du Ministère du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire (Fonds pour l'Emploi) et du Ministère de la Famille, de l'Intégration et à la Grande Région (Office national d'inclusion sociale) : 287.450 € => la pondération finale entre ces deux sources sera établie selon la proportion de participants aux projets à émanant de l'ADEM respectivement de l'ONIS

**Paiementer:**

• FSE : 184.685,61 €

01/04/2021 => 72 051,52 €

02/09/2020 => 58 819,09 €

27/04/2020 => 38 812,50 €

15/11/2019 => 630,00 €

18/03/2019 => 14 372,50 €

•Fonds pour l'emploi : 143.725,00 €

11/06/2019 => 43 117,50 €

26/03/2019 => 100 607,50 €

Hei nach wéider Dépensen, déi den MTEESS (iwwert den Budget & den FPE) un d'ASTI iwwerwisen huet:

| Année | Mesure | Montant |
|---|---|---|
| 2012 | Congé linguistique | 1.036,91€ |
| 2012 | Aide d'apprentissage | 4.169,20€ |
| **Total 2012** | | **5.206,11€** |

| | | |
|---|---|---|
| 2013 | Congé linguistique | 1.728,45€ |
| **Total 2013** | | **1.728,45€** |
| 2014 | Aide d'apprentissage | 4.895,41€ |
| **Total 2014** | | **4.895,41€** |
| 2018 | Congé linguistique | 832,08€ |
| 2018 | Aide à la création d'emplois d'insertion (EMI) pour chômeurs de longue durée | 2.625,00€ |
| **Total 2018** | | **3.457,08€** |
| 2019 | Aide à la création d'emplois d'insertion (EMI) pour chômeurs de longue durée | 7.875,00€ |
| **Total 2019** | | **7.875,00€** |
| 2020 | Congé de paternité | 2.968,41€ |
| 2020 | Chômage partiel | 12.461,57€ |
| 2020 | Aide à la création d'emplois d'insertion (EMI) pour chômeurs de longue durée | 67.777,22€ |
| **Total 2020** | | **83.207,20€** |

- **Direktioun fir Entwécklungszesummenarbecht an humanitär Ugeleeënheeten vum Aussen- an Europaministère**

Als ONGD, déi vum Ausseministère agreéiert ass, kann d'ASTI finanziell Ënnerstëtzung vum Ministère ufroe fir Aktiounen am Beräich Sensibilisatioun an Entwécklungspedagogik, souwéi fir Projeten fir Entwécklungszesummenaarbecht a fir humanitär Hëllef. D'Associatioun kann och verschidden administrativ Ausgaben rembourséiert kréien.

Konform mat den Prozeduren an den generelle Konditiounen, déi d'finanziell Relatiounen tëscht dem Ministère an den ONGen reegelen, huet d'ASTI vun enger finanzieller Ënnerstëtzung an Héischt vun 410.777,36 € am Zäitraum vum 21. Juni 2012 bis den 4. Juli 2019 profitéieren kënnen. Dës global Zomm fir den genannten Zäitraum beinhalt engersäits d'Kofinanzéierung vun Aktivitéiten am Beräich Sensibilisatioun an Entwécklungspedagogik souwéi administrativ Ausgaben.